CIRCULAIRE N° 2026-047

# CIRCULAIRE

UN D'GEMENGENAUTORITÉITEN

## Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch de 26. September 2026

Lëtzebuerg, den 10. Juni 2026

Madamm Buergermeeschtesch, Här Buergermeeschter,

nom Succès vum Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch d'lescht Joer relancéiert de Kulturministère säin Appell, fir deen Dag Aktivitéite ronderëm eis Sprooch an de Gemengen ze organiséieren. Gesicht ginn Iddien an Initiativen, déi d'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur an d'Méisproochegkeet mat Spaass a Freed kënne weiderféieren, déi awer och derzou bäidroen, datt de 26. September eng fest Plaz am Kalenner vun all Bierger a Biergerin zu Lëtzebuerg kritt: Loosst eis de 26. September d'Lëtzebuerger Sprooch zesumme feieren!

Ech géif Iech bieden, dësen Opruff mat Äre Kommissiounen, Veräiner a Betriber ze deelen, fir Iddien an Initiative bäizesteieren. Ärer Kreativitéit si keng Grenze gesat. Am leschte Circulaire hat de Kulturministère e Katalog mat Virschléi ugekënnegt, fir lokal Aktivitéiten um Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch ze organiséieren. Dozou ginn et hei méi Informatiounen:

### Virschléi fir lokal oder regional Aktivitéiten

- **E Cours fir déi éischt Wierder op Lëtzebuergesch** vun zwou Stonnen, an deem einfach a praktesch Alldagswierder a -sätz séier kënne geléiert ginn. Fir all den interesséierte Leit dëse Cours kënnen unzebidden, fannt Dir, op https://gd.lu/1t6V2W e **praktesche Kit**, deen den Institut national des langues Luxembourg (INLL) extra fir dës Geleeënheet ausgeschafft huet an deen et erméiglecht, eng Aféierung an d'Lëtzebuergescht op eng effikass Manéier ze organiséieren. Dëse Link ass bis ufanks Juli accessibel, duerno fannt Dir en op enger eegener Säit vum Kulturministère.

- **E Sproochequiz**, an deem d'Wëssen iwwer Lëtzebuerg, d'Lëtzebuerger Sprooch an d'Méisproochegkeet ofgefrot gëtt. Fir déi, déi dëse Quiz wëllen ubidden, gëtt eng Aféierung

an d'Animatioun dervun am Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS) ofgehalen. Den ZLS proposéiert dofir zwee Momenter (vun allkéiers enger Stonn):

- mëttwochs, den **8. Juli**, vu 14:00 bis 15:00 Auer oder
- freides, den **10. Juli**, vun 9:30 bis 10:30 Auer.

Dës Informatiounsronn gëtt hybrid gehalen, dat heescht d'Leit kënnen an de Raimlechkeete vum ZLS drun deelhuelen oder iwwer Teams matmaachen. D'Umeldung fir eng vun dëse Seancë ka per Mail beim ZLS (info@zls.etat.lu) gemaach ginn.

- **E Sproochecafé**, fir a gemittlecher Atmosphär d'Lëtzebuergescht oder aner Sproochen opzefrëschen, ze üben oder einfach ze schwätzen. Leit, déi e Sproochecafé wëllen animéieren, kënne gären op den nächste **Meet & Speak** kommen, dee vum INLL den **18. Juni 2026** vun 10:00 bis 16:00 Auer an der Villa Vauban (18, Av. Emile Reuter an der Stad) organiséiert gëtt. Hei kritt ee gewisen, wéi e Sproochecafé ka gefouert ginn. D'Umeldung kënnt Dir per Mail beim INLL maachen: daniel.moutinho@inll.lu.

- **Konferenzen iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch**
  D'Konferenze vu jeeweils 45 Minutte kënnen am Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch per E-Mail (info@zls.etat.lu) ugefrot ginn. D'Theeme sinn:

1. **De Lëtzebuerger Online Dictionnaire**
   *Entsteeungsgeschicht, Zilpublikum, Opbau a Funktionalitéite vum LOD*
2. **Digital Hëllefsmëttele ronderëm d'Lëtzebuerger Sprooch**
   *Spellchecker*, *Sproochmaschinn*, *Orthotrainer* a Co.
3. **Variatioun am Lëtzebuergeschen**
   *Bussen* oder *Busser*? *hatt* oder *si*? *Drucker, Printer* oder *Imprimante*? *Leit* oder *Lékt*?
4. **D'Geschicht vum Lëtzebuergeschen a vun de Sproochen zu Lëtzebuerg**
   *D'Entwécklung vum Lëtzebuergeschen uechter d'Joerhonnerten*
5. **D'Lëtzebuerger Orthografie**
   *Presentatioun vun den orthografesche Grondprinzippien a Basisreegelen*
6. **Lëtzebuergesch am Gebrauch**
   *Gëtt et eng norméiert Sprooch?*
   *Etabléierte Vocabulaire, Sproochwandel, Evolutiounen am Lëtzebuergeschen*

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Landeswäit Kommunikatioun vun allen Aktivitéiten**

De Kulturministère sammelt gär all d'Aktivitéiten uechter d'Land, déi am Kader vum Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch stattfannen, fir en nationale Programm opzestellen. De ganze Programm gëtt herno op engem eegene Site vum Kulturministère affichéiert a mat enger Campagne, déi sech un all Bierger a Biergerin zu Lëtzebuerg riicht, kommunizéiert. Op dësem Site fannt Dir och Affichen, Flyeren an Templatë fir den Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch an Dir kënnt an Zukunft och Är eegen Eventer androen. De Site ass aktuell nach an der Entwécklung, Dir kënnt eis Är Initiativen awer elo schonn op CLL@mc.etat.lu eraschécken.

Ech soen Iech Merci fir d'Matmaachen.

Mat respektvolle Gréiss

Eric Thill
Kulturminister